# Gemeng Sëll

## Um Fouss vum Ditzebierg



1. 2019

# D'Wuert vum Buergermeeschter





Léif Matbiergerinnen a Matbierger !

D'Noriicht vum onerwaarten Doud vun eisem Buergermeeschter Raoul Clausse huet äis all onheemlech traureg gemeet. D'Personal vun der Gemengeverwaltung war schockéiert, a vu Betraffenheet wéi geläämt. Och déi politesch Verantwortlech waren déif betraff. Si hunn e gudde Frënd verluer, e héichqualifizéierte Politiker, dee seng Gemeng onheemlech gär hat.

Säin Engagement fir de Réidener Kanton war exemplaresch. De Raoul war iwwerzeegt, datt dat de beschte Garant wier, fir eise Matbierger eng optimal Qualitéit un Zerwisser unzebidden, an eiser Gemeng hir Onofhängeg ze garantéieren.

De Raoul war awer vill méi wéi nëmmen e Politiker. Hie war en Humanist. A virun allem war en e Papp, dee seng Famill iwwer alles gär hat. Ech erlabe mer, senger Fra a senge Kanner ze soen, datt ech keng Wierder fannen, fir meng Betraffenheet ze beschreiwen, déi ech beim Raoul sengem Doud empfonnt hunn. Ech fille mat iech, an ech wäert ëmmer fir iech, an där schwéierer Zäit, do sinn.
Heinsdo mécht d'Liewen net dat, wat een sech virgestallt hat. No enger Zäit vun déiwer Trauer hu seng politesch Frënn beschloss, säi Wierk weiderzeféieren an et, esou gutt ewéi méiglech, ofzeschléissen.

Déi éischt Projeten, déi nach änner senger Tutelle ugefaange goufen, wäerte geschwënn ageweit ginn, wéi zum Beispill den neie Waasserbaseng an de Gemeinschaftsgaart. Anerer kommen no. De Bau vun der Kläranlag, de Gemengenatelier mam neien Zenter vun de Pompjeeën, an déi ekologesch Cité. De Planing vun deene Projeten ass geschwënn ofgeschloss, an da wäerten se, op engem grousse Gemengenterrain zu Schweebech, realiséiert ginn.

Op deemselwechte Site gëtt, an Zesummenaarbecht mat de Ponts et Chaussées, den zukünftege Park&Ride gebaut. Déi Soumissioun geet geschwënn eraus. Dës Konstruktioun erlaabt äis et, ënner anerem, fir d'Parkplazen am Zentrum vu Säll, déi elo nach vun de Benotzer vun der doucer Mobilitéit besat ginn, fräizehalen.

D'Verschéinerung vun eiser Gemeng steet och nach un. Nei Plantatiounen op den Inselen, Opriichte vu Blummekëschten op verschiddenen ëffentleche Plazen, an net ze vergiessen : den Amenagement vun der Kiercheplaz. Um Enn wéilt ech nach de pedagogeschen an touristesche Leader-Projet, mir nennen en « Themewee », ernimmen. Et war eng Iddi vum Raoul, déi hien, an Zesummenaarbecht mam Gemengesekretär, ëmgesat hat. D'Landliewen an d'Handwierksbetriber aus der Vergaangenheet kënnen un Hand vu Panneauen, op historesche Plazen, entdeckt ginn. Déi Dokumentatioun an d'Installatioun vun de Panneaue wäert geschwënn ëmgesat ginn.
Bis dohi wëll ech Iech all, léif Matbiergerinnen a Matbierger, meng bescht Gréiss zoukomme loossen.

Jean Konsbruck
Buergermeeschter

Chers citoyennes et citoyens,

L'annonce du décès inattendu de notre bourgmestre Raoul Clausse nous a tous plongés dans une grande tristesse. Il va sans dire que tout le personnel de notre administration communale était choqué, paralysé par l'émotion. Il en allait de même pour les responsables politiques qui ont perdu un ami, un politicien de grande qualité qui aimait sa commune du fond du cœur.

Son engagement pour le canton de Rédange était également exemplaire. Raoul estimait que c'était le meilleur garant pour continuer à offrir des services de haute qualité à nos habitants et de sauvegarder l'indépendance de notre commune.

Mais Raoul était beaucoup plus qu'un politicien. Il était un humaniste. Et surtout il était un père de famille, qui aimait tendrement et avec dévouement. Je me permets de m'adresser à son épouse et à ses enfants pour leur dire, qu'il me manque les mots pour exprimer à quel point j'étais bouleversé par la disparition de Raoul. Recevez toute mon affection et sachez que je resterais à vos côtés dans cette difficile épreuve.

Parfois, la vie ne se passe pas comme on le voudrait et après un temps de deuil, ses amis politiciens ont décidé de continuer son œuvre et d'essayer au mieux de la finaliser.

Les premiers projets entamés encore sous sa tutelle, seront inaugurés prochainement, comme notamment le nouveau bassin d'eau et le jardin communautaire.

D'autres vont suivre comme la construction de la station d'épuration, l'atelier communal avec le nouveau centre de secours des pompiers et la cité écologique. Tous ces projets sont en phase de finalisation et vont être réalisés sur un grand terrain à Schwebach, appartenant à la commune.

Sur le même site, en collaboration avec l'administration des Ponts et Chaussées, sera également réalisé le futur Park&Ride, dont la soumission publique sera publiée dans les meilleurs délais. Cette construction permettra entre autres de libérer les parkings, actuellement bloqué par les usagers de la mobilité douce, notamment au centre de Saeul.

L'embellissement de notre commune sera également à l'ordre du jour, comme de nouvelles plantations pour les îlots, l'installation de bacs à fleurs aux différentes places publiques, et n'oublions pas l'aménagement de la place de l'église.

Pour finir j'aimerais également évoquer le Leader projet pédagogique et touristique, nommé « Themewee » de notre cher défunt, qu'il a réalisé en collaboration avec notre secrétaire communal. La vie rurale et artisanale d'autrefois peuvent y être découvertes au moyen de de panneaux placés aux emplacements historiques. La finalisation de la documentation et l'installation des panneaux seront réalisés bientôt.

Dans l'attente de vous voir, veuillez agréer, chers citoyennes et citoyens, l'expression de mes salutations distinguées.

Jean Konsbruck
Bourgmestre

## Séance du conseil communal du 15 novembre 2018

**Présents:** Raoul Clausse, bourgmestre, Edmond Gengler, Jean Konsbrück, échevins, Marc Fisch, John Kaufmann, Jean-Paul Mousel et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.

### 1. Dénomination de rue

Les travaux d'infrastructures du projet d'aménagement particulier « Kraiwiss » à Calmus sont en voie d'achèvement. Le conseil communal décide à l'unanimité des voix que la nouvelle rue contenant les lots 3-19 du lotissement sera dénommée « bei der Kräizwiss ». Les lots 1 et 2 seront attribués à la rue « Millewee ».

### 2. SICONA - Programme annuel 2019

Le programme d'action pour l'année 2019 qui prévoit des investissements de l'ordre de 91.634,71€ est approuvé à la majorité des voix (6x) et une abstention.

### 3. SIDEC - Projet de réorganisation des collectes de déchets

Un projet pilote de réorganisation de la collecte publique des déchets a été testé dans une commune membre du syndicat. Après l'évaluation du projet, il a été décidé au sein du comité du SIDEC de transposer les nouvelles collectes aux autres communes-membres. Il s'agira surtout de l'instauration d'une poubelle pour les déchets organiques (biodégradable) ainsi que d'une poubelle pour le verre. La mise en place du nouveau système devrait être opérationnelle à partir du 1er janvier 2020.
La décision d'adhérer au projet de réorganisation de la collecte publique est prise à l'unanimité des voix.

### 4. OSCARE - budget rectifié 2018 et initial 2019

Le budget rectifié 2018 et le budget de l'exercice 2019 de l'office social du canton de Redange sont approuvés unanimement par le conseil communal.

### 5. Règlements communaux

a) Redevances à percevoir sur des interventions du service d'incendie et de sauvetage
Ce règlement n'a plus d'utilité en raison de la création du corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS).
b) Prime pour l'acquisition d'une carte « Jumbo »
La carte « Jumbo » n'existe plus. Les transports communs sont gratuits pour les jeunes et étudiants.
Les deux règlements sont abrogés unanimement.

### 6. Comptabilité communale



presentéiert vum Joël KIEFFER, Gemengeredakter

Les deux comptes sont arrêtés provisoirement à l'unanimité des voix.

a) Compte de gestion 2017 du receveur communal
b) Compte administratif 2017 du collège échevinal

| Tableau récapitulatif | Montants |
|---|---|
| Boni du compte 2016 | 250.308,46 |
| Recettes ordinaires | 3.272.118,88 |
| Recettes extraordinaires | 1.570.277,77 |
| **Total des recettes** | **5.092.705,11** |
| Mali du compte 2016 | 0,00 |
| Dépenses ordinaires | 2.357.572,63 |
| Dépenses extraordinaires | 1.310.972,00 |
| **Total des dépenses** | **3.668.544,63** |
| **BONI** | **1.424.160,48** |

## Séance à huis clos

### 7. Nomination du secrétaire communal ff. - prolongation

Le conseil communal procède par scrutin secret à la nomination de Monsieur Joé WOLFF en tant que « secrétaire communal faisant fonction » de la commune de Saeul pour une durée de 6 mois à partir du 1er décembre 2018.

## Séance du conseil communal du 16 janvier 2019

**Présents:** Edmond Gengler, bourgmestre ff., Jean Konsbrück, échevin, Jean-Paul Mousel, échevin ff., Marc Fisch, John Kaufmann et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.

## Séance à huis clos

### 1. SYVICOL - proposition de délégué

Suite au décès du bourgmestre Raoul Clausse qui était le délégué régional auprès du syndicat intercommunal SYVICOL, le conseil communal décide par scrutin secret de ne pas proposer de candidature.

## Séance publique

### 2. Nomination de délégués

**a) De Réidener Kanton :**
Par scrutin secret est nommé au poste avec 5 voix pour et 1 abstention, M. Jean Konsbrück.
**b) Réidener Schwemm :**
Par scrutin secret est nommé au poste avec 5 voix pour et 1 abstention, M. Edmond Gengler.
**c) SIDERO :**
Par scrutin secret est nommé au poste avec 5 voix pour et 1 abstention, M. Jean-Paul Mousel.
**d) Office Régional du Tourisme Centre/Ouest**
Par scrutin secret est nommé au poste avec 5 voix pour et 1 abstention, M. John Kaufmann
**e) Kanner- a Jugendbetreiung Atert**
Par scrutin secret est nommé au poste avec 5 voix pour et 1 abstention, M. John Kaufmann
**f) La sécurité routière**
Par scrutin secret est nommé au poste avec 5 voix pour et 1 abstention, M. Jean-Paul Mousel.

### 3. Elections complémentaires

Le conseil communal décide unanimement de ne pas procéder à l'organisation d'élections complémentaires afin de pourvoir au remplacement du mandat devenu vacant à la suite du décès du bourgmestre Raoul Clausse.

### 4. Finances communales

**a) Budget rectifié 2018**
Le budget rectifié 2018 est approuvé à l'unanimité des voix.
**b) Budget initial 2019**
Le budget de l'année à venir présente un excédent de 147.201,75 €. Les investissements à réaliser sont estimés à 2.758.152,90 €. Le document est approuvé à l'unanimité des voix.

### 5. Règlement communal

Un nouveau règlement communal concernant les cimetières et inhumations est présenté au conseil communal. L'ancien règlement datait de 1964 et nécessitait une actualisation. Un chapitre spécial concernant le futur cimetière forestier de Saeul y est incorporé.
Le nouveau règlement trouve l'approbation unanime des membres du conseil.

### 6. Repas sur roues

Une nouvelle adaptation du tarif de 0,70 € est votée unanimement. A partir du 1er mars 2019, le nouveau tarif d'un repas sur roues sera de 14,00€.

### 7. Déclassement d'une parcelle

Un bout de parcelle appartenant au domaine public communal est reclassé par décision unanime au domaine privé communal. Le bout de parcelle sis à Saeul, lieu-dit « Am Gaart », d'une contenance de 02 centiares sera échangé ultérieurement contre un bout de parcelle d'une même contenance.

### 8. Remembrement forestier

a) Une convention concernant l'acquisition de plusieurs parcelles forestières au lieu-dit « Am Dall » à Saeul, d'une contenance totale de 0,325 ha, au prix d'achat de 8.450€.
b) Une convention concernant l'acquisition de plusieurs parcelles forestières au lieu-dit « Am Dall » à Saeul, d'une contenance totale de 0,632 ha, au prix d'achat de 15.000€.
Les deux conventions sont ratifiées unanimement.

### 9. Point porté sur l'ordre du jour par M. Gérard Zoller

Le conseiller Zoller a demandé au collège échevinal des informations sur le montant des jetons de présence perçus dans les différents syndicats intercommunaux dont

| Montants votés par le conseil communal : | | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service exrtraordinaire |
| Total des recettes<br>Total des dépenses | **3.404.566,24 €**<br>**2.836.013,84 €** | **826.800,00 €**<br>**2.758.152,90 €** |
| Boni/Mali propre à l'exercice | **568.552,40 €** | **1.931.352,90 €** |
| Boni présumé fin 2018 | **1.510.002,25 €** | **1.570.277,77** |
| Boni général / Mali général | **2.078.554,65 €** | **1.931.352,90 €** |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | **-1.931.352,90 €** | **+ 1.931.352,90 €** |
| Boni définitif | **147.201,75 €** | **2.357.572,63** |

fait partie notre commune. Le secrétaire communal a élaboré un tableau reprenant les indemnités perçues par les membres du bureau ainsi que du comité de chaque syndicat qui est présenté séance tenante.

## Séance du conseil communal du 23 janvier 2019

**Présents:** Edmond Gengler, bourgmestre ff., Jean Konsbrück, échevin, Jean-Paul Mousel, échevin ff., Marc Fisch, John Kaufmann et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.

## Séance à huis clos

**1. Désignation d'un candidat - poste du bourgmestre**

M. Jean Konsbrück est proposé avec 4 voix contre 2 au poste de bourgmestre.

**2. Désignation d'un candidat - poste d'un échevin**

M. Jean-Paul Mousel est proposé avec 4 voix contre 2 au poste d'échevin 2ème en rang.

Les deux propositions seront soumises à l'autorité supérieure en vue de leur assermentation.

## Séance du conseil communal du 27 mars 2019

**Présents:** Jean Konsbrück, bourgmestre, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, échevins, Marc Fisch, John Kaufmann et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.

**1) Communications du collège des bourgmestre et échevins**

- Le bourgmestre informe que le PAP « Am Pesch » à Schwebach sera réalisé de façon à atteindre une autarcie énergétique. De plus il est prévu de laisser la circulation automobile à l'extérieur du lotissement excepté les déchargements occasionnels.
- Le parc Zärepesch avec les potagers surélevés sera inauguré en date du 06 juillet 2019.
- Le PAG sera présenté prochainement au conseil communal en séance à huis clos. Lors de la procédure d'adoption, le PAG sera également présenté au grand public.
- Le collège échevinal est en discussion avec le CGDIS afin d'anticiper un arrêt définitif du corps des sapeurs-pompiers de Saeul.

**2) Subsides communaux**

Les deux points suivants sont votés à l'unanimité des voix.

a) Subsides aux associations locales

| *No* | **Nom de l'association** | *Montant* |
|---|---|---|
| 1 | Club des jeunes Saeul | *850 €* |
| *2* | Sapeurs-pompiers Saeul | *850 €* |
| *3* | Gaart an Heem Saeul | *850 €* |
| *4* | Chorale Ste-Cécile Saeul | *2.660 €* |
| *5* | Sëller Musek asbl | *5.500 €* |
| *6* | Lucilinburhuc a.s.b.l. | *850 €* |
| *7* | Fraen a Mammen Saeul | *850 €* |

b) Subsides aux associations nationales

| No | Nom de l'association | Montant |
|---|---|---|
| 1 | Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung | 50 € |
| 2 | Les Amis du Tibet | 50 € |
| 3 | Multiple Sclérose Lëtzebuerg | 50 € |
| 4 | Aide aux enfants Handicapés du Grand-Duché | 50 € |
| 5 | Lux-Lagos asbl | 50 € |
| 6 | Schwimming Club Redange | 50 € |
| 7 | Action pour un Monde Uni | 100 € |
| 8 | APEMH | 100 € |
| 9 | Association Luxembourg Alzheimer | 100 € |
| 10 | Ile aux Clowns a.s.b.l. | 100 € |
| 11 | Médecins sans frontières | 100 |
| 12 | Op der Schock a.s.b.l. | 100 € |
| 13 | SOS FAIM | 100 € |
| 14 | Cercle Apicole Redange/Attert | 250 € |
| 15 | Natur & ëmwelt Section Kanton Réiden a.s.b.l. | 250 € |
| 16 | Foyer du Jour A Butzen (25e anniversaire) | 500 € |
| 17 | Blëtz asbl (subside 2018 - don décès Raoul Clausse) | 1250 € |

**3) Propriétés communales :**

Tous les points ci-dessous sont approuvés unanimement.

a) Un contrat de bail avec l'association Gaart & Heem Säll relatif à la location des potagers surélevés au Zärepesch à Saeul ;
b) Un contrat de fermage avec M. Gilles Conter concernant une parcelle sise au lieu-dit « Auf der Strasse » à Saeul ;
c) Un compromis d'échange avec Mme De Michele et M. Breno concernant des parcelles sises au lieu-dit « Am Dall » à Saeul ;
d) Un compromis de vente avec Mme Maddy Wickler relatif à une parcelle sise au lieu-dit « rue Jean Mersch » à Saeul ;
e) Un acte notarié avec les époux Da Silva Dionisio-Fernandes Araujo concernant la vente d'une parcelle sise au lieu-dit « Um Bour » à Saeul ;
f) Un acte notarié avec la société CMS INVEST concernant une parcelle sise au lieu-dit « Am Dall » à Saeul.

**4) Voirie rurale - Devis**

Le devis concernant la réfection du chemin rural « An der Bréim » à Saeul a été élaboré par les services techniques du Ministère de l'Agriculture (ASTA). Le devis au montant total de 57.250 € trouve l'approbation unanime du conseil.

**5) Règlements communaux**

a) Quelques menues adaptations du règlement interne de l'éducation précoce sont approuvées à l'unanimité des voix.
b) Un nouveau règlement portant sur l'accès de la cour d'école et de son aire de jeux est voté à l'unanimité des voix. Dorénavant l'accès au site sera interdit aux chiens.

**6) Finances communales**

a) Titres de recette 2018 et 2019
Le conseil communal signe tous les titres de recette de 2018 et une partie déjà perçue pour l'année 2019 pour un montant total de 2.928.052,13 €.

b) Le plan pluriannuel de financement 2019 est présenté au conseil communal. La situation financière de notre commune est saine. Une plus-value de ± 120.000€ pour les recettes provenant de la dotation de l'Etat pour l'année de 2018 vient s'ajouter aux prévisions déjà favorables énumérées dans la circulaire budgétaire de novembre 2018.

**7) Comité de pilotage Natura 2000 Atert- & Warkdall**

Un délégué communal, à savoir M. John Kaufmann, est nommé avec 5 voix et une abstention.

**8) Job étudiants 2019**

Le conseil décide unanimement d'engager des étudiants lors des vacances d'été 2019. Comme l'année passée, priorité sera accordée aux étudiants âgés de 15 ans au 1er juillet 2019. La durée de travail est fixée à deux semaines successives.

**9) Club Senior Atertdall**

La convention de l'année 2018 signée entre le Club Senior et le collège des bourgmestre et échevins est ratifiée par l'ensemble du conseil.

**10) Maison relais « Toeresgäertchen »**

La convention de l'année 2018 est ratifiée unanimement par le conseil et transmise au Ministère de l'Education Nationale aux fins d'approbation.

L'administration communale de Saeul informe qu'elle désire engager

**un(e) étudiant(e),** âgé(e) de 18 ans au moins, pour effectuer des travaux administratifs au sein du secrétariat communal de Saeul, pendant les vacances d'été pour une durée de deux semaines.

Préférence sera accordée à celui (celle) qui pourra être disponible entre le 15.07.2019 et le 09.08.19.

En cas de plusieurs demandes, un tirage au sort sera effectué par le collège échevinal.

Les demandes sont à adressées par mail à secretariat@saeul.lu avec indication des nom(s), prénom(s), adresse, numéro GSM, Email et période de disponibilité, au plus tard pour le 30.06.2019. Les requérants seront informés au sujet du résultat d'un éventuel tirage au sort pour début juillet.

Le collège des bourgmestre et échevins,
Jean Konsbrück,
Edmond Gengler,
Jean-Paul Mousel,

## Gemengerot vum 15. November 2018

**Et waren do :** Raoul Clausse, Buergermeeschter, Edmond Gengler, Jean Konsbrück, Schäffen, Marc Fisch, John Kaufmann, Jean-Paul Mousel a Gérard Zoller, Konselljeeën. Joé Wolff, Gemengesekretär ff.

### 1. Stroossennimm

D'Infrastrukturaarbechte vum Projet « Kraizwiss » zu Kaalmes sinn esou wäit fäerdeg. De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, datt déi nei Strooss, mat de Lousen 3-19, soll « Bei der Kräizwiss » heeschen. D'Lousen 1 an 2 kommen an d'Strooss « Millewee » leien.

### 2. SICONA – Joresprogramm 2019

Den Aktiounsplang fir d'Joer 2019, deen en Investissement vun 91.634,71€ virgesäit, gëtt mat enger Majoritéit vu 6 Stëmmen an enger Enthalung ugeholl.

### 3. SIDEC – Projet fir d'Reorganisatioun vun der Offallentsuergung

E Pilotprojet, fir d'Reorganisatioun vun der ëffentlecher Kollekt vum Offall, ass an enger Syndikatsgemeng getest ginn. No der Evaluatioun vum Projet ass am Comité vum SIDEC beschloss ginn, déi nei Kollekten op déi aner Membersgemengen ze iwwerdroen. Et geet hei zemol ëm d'Aféiere vun enger Dreckskëscht fir organesch Offäll (biodegradabel), a vun enger Këscht fir d'Glas. Den neie System wäert vum 1. Januar 2020 u funktionéieren. Déi Decisioun ass eestëmmeg geholl ginn.

### 4. OSCARE – rektifizéierte Budget 2018 a Budget 2019

De rektifizéierte Budget 2018 an dee vum Exercice 2019 vum Sozialamt vum Réidener Kanton ginn eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl.

### 5. Gemengereglementer

a. Entschiedegung, déi bei engem Asaz vun de Pompjeeën a Securisten ze bezuelen ass
Dëst Reglement ass hifälleg, wéinst der Schafung vum CGDIS.

b. Prime fir d'Uschafe vun enger « Jumbokaart »
« D'Jumbokaart » gëtt et net méi. Den ëffentlechen Transport ass gratis fir déi Jonk an d'Studenten.
Déi zwee Reglementer ginn eestëmmeg opgeléist.

### 6. Gemengecomptabilitéit

Déi zwéi Konte gi provisoresch eestëmmeg ugeholl.
- Gestiounskont 2017 vum Gemengereceveur
- Administrative Kont 2017 vum Schäfferot

| Tableau récapitulatif | Montants |
|---|---|
| Boni du compte 2016 | 250.308,46 |
| Recettes ordinaires | 3.272.118,88 |
| Recettes extraordinaires | 1.570.277,77 |
| Total des recettes | 5.092.705,11 |
| Mali du compte 2016 | 0,00 |
| Dépenses ordinaires | 2.357.572,63 |
| Dépenses extraordinaires | 1.310.972,00 |
| Total des dépenses | 3.668.544,63 |
| BONI | 1.424.160,48 |

## Geschlosse Sëtzung

### 7. Nominatioun vum Gemengesekretär ff. – Verlängerung

De Gemengerot beschléisst, an enger geheimer Ofstëmmung, den Här Joé WOLFF als « secrétaire communal faisant fonction » vun der Séller Gemeng, fir d'Dauer vu 6 Méint, vum 1. Dezember 2018 un, ze beschäftegen.

## Gemengerot vum 16. Januar 2019

**Et waren do :** Edmond Gengler, Buergermeeschter ff., Jean Konsbrück, Schäffen, Jean-Paul Mousel, Schäffen ff., Marc Fisch, John Kaufmann a Gérard Zoller, Konselljeeën. Joé Wolff, Gemengesekretär ff.

## Geschlosse Sëtzung

### 1. SYVICOL – Virschlag fir en Delegéierten

Wéinst dem Doud vum Buergermeeschter Raoul CLAUSSE, deen de regionalen Delegéierte vum interkommunale Syndikat SYVICOL war, beschléisst de Gemengerot an enger geheimer Ofstëmmung, keng nei Kandidatur virzeschloen.

## Ëffentlech Sëtzung

### 2. Nominatioun vun Delegéierten

a) De Réidener Kanton :
An enger geheimer Ofstëmmung gëtt den Här Jean KONSBRÜCK, mat 5 Stëmmen derfir an enger Enthalung, op dee Poste gestëmmt.

b) Réidener Schwämm :
An enger geheimer Ofstëmmung gëtt den Här Edmond GENGLER, mat 5 Stëmmen derfir an enger Enthalung, op dee Poste gestëmmt.

c) SIDERO :
An enger geheimer Ofstëmmung gëtt den Här Jean-Paul MOUSEL, mat 5 Stëmmen derfir an enger Enthalung, op dee Poste gestëmmt.

d) Office Régional du Tourisme Centre/Ouest
An enger geheimer Ofstëmmung gëtt den Här John KAUFMANN, mat 5 Stëmmen derfir an enger Enthalung, op dee Poste gestëmmt.

e) Kanner- a Jugendbetreiung Atert
An enger geheimer Ofstëmmung gëtt den Här John KAUFMANN, mat 5 Stëmmen derfir an enger Enthalung, op dee Poste gestëmmt.

f) La sécurité routière
An enger geheimer Ofstëmmung gëtt den Här Jean-Paul MOUSEL, mat 5 Stëmmen derfir an enger Enthalung, op dee Poste gestëmmt.

### 3. Komplementarwalen

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg keng Neiwalen ofzehalen, fir dat fräit Mandat, wéinst dem Doud vum Buergermeeschter Raoul CLAUSSE, nei ze besetzen.

### 4. Gemengefinanzen

a) Rektifizéierte Budget 2018
De rektifizéierte Budget 2108 gëtt eestëmmeg ugeholl.

b) Éischte Budget 2019
De Budget vum kommende Joer gesäit en Iwwerschoss vun 147.201,75 € vir. D'Investissementer ginn op 2.758.152,90 € geschat. Dat Dokument gëtt eestëmmeg ugeholl.

| Montants votés par le conseil communal | | |
|---|---|---|
| | Service ordinaire | Service extraordinaire |
| Total des recettes<br>Total des dépenses | 3.404.566,24 €<br>2.836.013,84 € | 826.800,00 €<br>2.758.152,90 € |
| Boni/Mali propre à l'exercice | 568.552,40 € | 1.931.352,90 € |
| Boni présumé fin 2018 | 1.510.002,25 € | |
| Boni général / Mali général | 2.078.554,65 € | 1.931.352,90 € |
| Transfert de l'ordinaire à l'extraordinaire | -1.931.352,90 € | 1.931.352,90 € |
| Boni définitif | 147.201,75 € | |

### 5. Gemengereglement

En neit Reglement, dat d'Kierfechter an d'Begruewe betrëfft, gëtt dem Gemengerot virgeluecht. Dat aalt Reglement, aus dem Joer 1964, huet missen aktualiséiert ginn. E Spezialkapitel, dat de geplangte Bëschkierfecht zu Séll betrëfft, ass agebaut ginn. Dat neit Reglement gëtt eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl.

### 6. Iessen op Rieder

Eng nei Upassung vum Tarif vun 0,70 € gëtt eestëmmeg ugeholl. Vum 1. Mäerz 2019 un, ass den neien Tarif fir en Iessen op Rieder da 14,00€.

### 7. Deklassement vun enger Parzell

E Stéck vun enger Parzell, déi der Gemeng gehéiert, gëtt eestëmmeg als Privatparzell reklasséiert. Dat Stéck Parzell läit zu Séll op der Plaz « Am Gaart », ass 02 Centi-Ar grouss, a gëtt spéider mat eng Parzell vun derselwechter Gréisst getosch.

### 8. Bëschremembrement

a) Eng Konventioun, wéinst dem Uschafe vun e puer Bëschparzellen « Am Dall » zu Séll, mat enger Gréisst vun am Ganzen 0,325 Hektar, zum Kafpräis vun 8.450€.

b) Eng Konventioun, wéinst dem Uschafe vun e puer Bëschparzellen « Am Dall » zu Séll, mat enger Gréisst vun am Ganzen 0,632 Hektar, zum Kafpräis vu 15.000€.
Déi zwou Konventioune ginn eestëmmeg ënnerzeechent.

### 9. Punkt, deen Här Gérard Zoller op den Ordre du Jour setze gelooss huet

De Konselljee ZOLLER huet de Schäfferot Informatiounen iwwer d'Héicht vun de d'Präsenzjetonge gefrot, déi an deene verschiddenen interkommunale Syndikater, wou eis Gemeng vertrueden ass, ugewannt ginn. De Gemengesekretär huet en Tableau virgeleucht, wou d'Indemnitéiten drastinn, déi d'Membere vum Bureau, an och de Comité vun all Syndikat kréien.

## Gemengerot vum 23. Januar 2019

**Et waren do :** Edmond Gengler, Buergermeeschter ff., Jean Konsbrück, Schäffen, Jean-Paul Mousel, Schäffen ff., Marc Fisch, John Kaufmann a Gérard Zoller, Konselljeeën. Joé Wolff, Gemengesekretär ff.





## Geschlosse Sëtzung

**1. Bestëmme vun engem Kandidat, fir de Poste vum Buergermeeschter**

Den Här Jean Konsbrück gëtt mat 4 géint 2 Stëmmen, fir de Poste vum Buergermeeschter virgeschlo.

**2. Bestëmme vun engem Kandidat fir de Poste vum Schäffen**

Den Här Jean-Paul Mousel gëtt mat 4 géint 2 Stëmmen, fir de Poste vum 2. Schäffe virgeschlo.
Déi zwou Propositioune ginn den ieweschten Instanzen fir d'Vereedegung ënnerbreet.

## Gemengerot vum 27. Määerz 2019

**Et waren do:** Jean Konsbrück, Buergermeeschter, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, Schäffen, Marc Fisch, John Kaufmann a Gérard Zoller, Konselljeeën. Joé Wolff, Gemengesekretär ff.

**1. Matdeelung vum Buergermeeschter a Schäfferot**

- De Buergermeeschter informéiert, datt de PAP « Am Pesch » zu Schwiebech esou realiséiert gëtt, fir eng energetesch Eegeversuergung ze erreechen. Et ass och virgesinn, den Autosverkéier aus dem Lotissement erauszehalen, mat Ausnahm vun deenen Zäiten, wou eppes ausgeluede gëtt.

- De Park « Zärepesch », mat den Héichbeeter fir Geméis, gëtt de 6. Juli 2019 ageweit.

- De PAG wäert dem Gemengerot geschwënn, an enger geschlossener Sëtzung, virgestallt ginn. Wann en ugeholl ass, gëtt en och der Ëffentlechkeet virgestallt.

- De Schäfferot ass mat der CGDIS am Gespréich, fir der Opléisung vum Säller Pompjeescorps zevirzekommen.

**2. Gemengesubsiden**

Dës zwéi Punke sinn eestëmeg ugeholl ginn.
**Subside fir déi lokal Veräiner**

| No | Nom de l'association | Montant |
|---|---|---|
| 1 | Club des jeunes Saeul | 850 € |
| 2 | Sapeurs-pompiers Saeul | 850 € |
| 3 | Gaart an Heem Saeul | 850 € |
| 4 | Chorale Ste-Cécile Saeul | 2.660 € |
| 5 | Säller Musek asbl | 5.500 € |
| 6 | Lucilinburhuc a.s.b.l. | 850 € |
| 7 | Fraen a Mammen Saeul | 850 |

**Subside fir national Veräiner**

| No | Nom de l'association | Montant |
|---|---|---|
| 1 | Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung | 50 € |
| 2 | Les Amis du Tibet | 50 € |
| 3 | Multiple Sclérose Lëtzebuerg | 50 € |
| 4 | Aide aux enfants Handicapés du Grand-Duché | 50 € |
| 5 | Lux-Lagos asbl | 50 € |
| 6 | Schwimming Club Redange | 50 € |
| 7 | Action pour un Monde Uni | 100 € |
| 8 | APEMH | 100 € |
| 9 | Association Luxembourg Alzheimer | 100 € |
| 10 | Ile aux Clowns a.s.b.l. | 100 € |
| 11 | Médecins sans frontières | 100 € |
| 12 | Op der Schock a.s.b.l. | 100 € |
| 13 | SOS FAIM | 100 € |
| 14 | Cercle Apicole Redange/Attert | 250 € |
| 15 | Natur & ëmwelt Section Kanton Réiden a.s.b.l. | 250 € |
| 16 | Foyer du Jour A Butzen (25e anniversaire) | 500 € |
| 17 | Blëtz asbl (subside 2018 - Don Raoul Clausse) | 1.250 € |

**3.Gemengebesëtz**

All dës Punkte sinn ee stëmmeg ugeholl ginn.

- E Pachtvertrag mam Veräin « Gaart&Heem Säll », wéinst der Pacht vun den Héichbeeter am Zärepesch zu Säll ;
- E Pachtvertrag mam Här Gilles Conter, wéinst enger Parzell op der Plaz « Auf der Strasse » zu Säll ;
- E Compromis fir en Tosch, mat der Madame de Michele an dem Här Breno, wéinst enger Parzell op der Plaz « Am Dall » zu Säll ;
- E Verkafscompromis mat der Madame Maddy Wickler, wéinst enger Parzell op der Plaz « Rue Jean Mersch » zu Säll ;
- En notariellen Akt mat de bestuete Leit Da Silva Dionisio-Fernandes Araujo, wéinst dem Verkaf vun enger Parzell op der Plaz « Um Bour » zu Säll ;
- En notariellen Akt mat der Gesellschaft CMS INVEST, wéinst enger Parzell op der Plaz « Am Dall » zu Säll.

**4. Stroossennetz – Devis**



Den Devis fir d'Erneierung vum Feldwee « An der Bréim » zu Säll ass vum techneschen Zerwiss vum Ackebauministär (ASTA) opgesat ginn. Den Devis, an der Héicht vu 57.250€, gëtt eestëmmeg vum Konsell ugeholl.

**5. Gemengereglementer**

a) E puer kleng Upassunge vum interne Schoulreglement am Precoce ginn eestëmmeg ugeholl.
b) En neit Reglement, iwwert den Accès an de Schoulhaff a seng Spillplaz, gëtt eestëmmeg ugeholl. An Zukunft duerfe keng Honn méi hei eran.

**6. Gemengefinanzen**

a) Recetten 2018 an 2019
De Gemengerot ënnerschreift all Titere vun de Recetten 2018, an eng Partie vun deenen déi schonn 2019 agezu gi sinn. Eng total Zomm vun 2.928.052,13 €.

b) De laangfristege Finanzplang 2019 gëtt dem Gemengerot virgestallt. Déi finanziell Lag vun eiser Gemeng ass gesond. Eng Plus-value vun ongeféier 120.000€ vum Staat, fir d'Joer 2018, kënnt bei déi scho gutt Previsiounen, déi an der Budgetszirkulär vum November 2018 opgezielt sinn, derbäi.

**7. Pilotprojet Natura 2000 Atert- & Warkdall**

Den Här John Kaufmann gëtt mat 5 Stëmmen an enger Enthalung als Gemengendelegéierte gestëmmt.

**8. Studentejob 2019**

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, fir an der Summervakanz 2019 Studenten anzestellen. Wéi an de vergaangene Jore kréien déi Studenten de Virzock, déi den 1. Juli 2019 15 Joer al sinn. D'Dauer vum Engagement ass op zwou Wochen an engem Stéck begrenzt.

**9. Club Senior Atertdall**

D'Konventioun mam Club Senior, fir d'Joer 2018, déi scho vum Buergermeeschter a Schäfferot ugeholl gi war, gëtt elo vum ganze Gemengerot ënnerzeechent.

**10. Maison relais « Toeresgäertchen »**

D'Konventioun fir d'Joer 2019 gëtt eestëmmeg ugeholl, an dem Ministär vun der Education Nationale zougestallt.

## Avis officiels

- Dans sa séance du 15 novembre 2018, le conseil communal a aboli le règlement communal portant sur les redevances à percevoir sur des interventions du service d'incendie et de sauvetage. Cette décision a été publiée le 16 janvier 2019.
- Dans sa séance du 15 novembre 2018, le conseil communal a aboli le règlement communal portant sur la prime d'acquisition d'une carte « Jumbo ». Cette décision a été publiée le 16 janvier 2019.
- Dans sa séance du 16 janvier 2019, le conseil communal a approuvé un nouveau règlement communal concernant les cimetières et les inhumations. Cette délibération a été approuvée par Madame le Ministre de l'Intérieur en date du 22 janvier 2019, référence 332/19/CR et a été publiée le 28 janvier 2019.
- Dans sa séance du 16 janvier 2019, le conseil communal a approuvé une adaptation du prix de vente d'un repas sur roue. Cette délibération a été approuvée par Monsieur le Ministre de l'Intérieur en date du 04 avril 2019, référence 82ax89c67 et a été publiée le 15 avril 2019.

# RÉIDENER SCHWÄMM ENDLECH ASS ET ESOU WÄIT





Wéi Enn den 90er Joren sech 9 Gemengen aus dem Kanton Réiden zesumme gedoen hunn an de „Syndicat Intercommunal Réidener Schwämm" gegrënnt hunn, war den Ufank vun enger grousser Success Story geschriwwen. Endlech haten all Schoulkanner aus dem Kanton Schoulschwammen um Programm. Aus der aler Schwämm vun der Réidener Gemeng, gouf lues a lues eng richteg flott Familljenschwämm. An der Moyenne ginn all Joer 110.000 Visiteure Joer duerch eis Keesen, a mat de Schoulkanner kommen nach eng Kéier 1.150 Kanner d'Woch dobäi.

Mee d'Zäit bleift net stoen. Fir och an Zukunft attraktiv ze bléiwen, gëtt a gouf investéiert. 2017 sinn an de Saunaberäich insgesamt 900.000 € gestach ginn– an ee relaxe Wellnesstempel ass geschaaft ginn. Eng richteg Pärel, déi vu villen treie Visiteure geschat gëtt. 2018 goung et dunn richteg lass mam Relooking vun der ganzer Schwämm. Eise Bistro ass komplett erneiert ginn, an eis léift a kompetent Personal kann elo an engem flotten Ëmfeld de Client verwinnen. Cocktailer, Zaloten awer natierlech och lecker Fritte ginn net nëmme vun eise Schwëmmer gäre giess, mee och aus dem Atert-Lycée kommen eis Jonk gären. Lues a lues gëtt weider renovéiert, esou dass mer hoffen no der Entrée am September, Iech eis Schwämm an engem kompletten néie Look ze presentéieren.

**Mee elo ass et un deene Jonken!**

3.1 Milliounen hunn mer an ee mega Rutschtuerm investéiert. 2 Rutschen: eng Mega Familljenrutsch – eng Course zu 2 géint Zäit mat klengen Iwwerraschungen ënnerwee, an eng Rennrutsch – déi schnellst an der Groussregioun.

Dësen Investment muss een awer och am Kader vun den Efforte vum Réidener Kanton am Tourismussecteur gesinn. Eng weider Offer un eis Touristen. Ob bei Reen, Stuerm oder Sonn, eng weider Méiglechkeet fir sech ze amuséieren.

Den 18. Mee ass et dann esou wäit – kommt se testen! – wien ass dee schnellsten, wien kritt déi meeschte Punkten? Daagesgewënner oder Wochengewënner – Need for Speed zu Réiden. An fir dësen Event och anstänneg ze feiere kascht d'Entrée wärend 2 Wochen och just 2 €. An eis kleng Gäscht kommen och ob hier Käschten- een neie Kannerberäich am Jungel-Look, mat neie Spiller an engem neie Chill-Eck fir d'Elteren.

Dir wäert net schlecht staune bei ärem nächste Besuch an der Réidener Schwämm!



Mat sportleche Gréiss
Patrick Wampach
President

**Réidener Schwämm**
28, rue de la Piscine
L-8508 Redange/Attert
T 23 62 00 32-1
info@reidener-schwemm.lu
www.reidener-schwemm.lu





**RAOUL CLAUSSE** s'installe à Saeul en 1982. Il se présente pour la première fois aux élections communales du 9 octobre 2005. Il en sortira premier avec 237 voix !




Le 21 novembre 2005, voulant d'abord apprendre les ficelles du métier avant revêtir le manteau de bourgmestre, une sage décision, il prête serment en tant que premier échevin.

Après de trois années passées au sein du collège échevinal, l'heure était venue pour un changement politique. Une nouvelle majorité s'est formée autour de lui afin de donner une nouvelle orientation à la politique locale.



Le 9 janvier 2009, Raoul Clausse est assermenté en tant que bourgmestre de la commune de Saeul.

La police des bâtisses (autorisations à bâtir) lui tient particulièrement à cœur. La construction d'une résidence démesurée par rapport au petit village de campagne qu'est Saeul, était une des raisons principales de son engagement politique.

S'il est vrai que depuis, beaucoup de lotissements ont vu le jour dans notre commune, il faut rappeler que les terrains construits ou en construction étaient tous à l'intérieur du périmètre d'agglomération du plan d'aménagement général (PAG) qui date de 1980. Les nouveaux quartiers « am Gaart » et « am Zäerepesch » montrent clairement la politique homogène et raisonnable menée jusqu'à ce jour.
La politique des bâtisses est une chose, l'éducation de nos enfants une autre.

Dès le début de son mandat de bourgmestre, Raoul Clausse et son équipe envisagent de construire une nouvelle école avec maison relais et salle multifonctionnelle.
Un projet colossal qui suscitera au sein du conseil communal, mais surtout au niveau de la population, des avis partagés. L'organisation d'un référendum portant sur ce sujet ira de pair avec la question d'une fusion entre communes.



Le résultat du référendum donnera raison au bourgmestre qui sortira à nouveau premier des élections d'octobre 2011.

La construction en trois phases s'achèvera plusieurs années plus tard avec une belle inauguration en juin 2017.

Raoul Clausse pour sa part, passera presque une année entière ! sur le site par le biais des réunions hebdomadaires avec l'architecte responsable, les corps de métiers, ainsi que tous les autres rendez-vous.

**A part ça, il trouve encore du temps libre pour œuvrer dans bien d'autres domaines :**

- L'assainissement des localités de notre commune est important aux yeux d'un homme sensible aux questions environnementales. En tant que membre du comité et ensuite membre du bureau du syndicat intercommunal SIDERO, il s'investie dans la réalisation des différents projets d'assainissement de la vallée de l'Atert, comme p. ex. le collecteur d'eaux usées entre Saeul et la station d'épuration de Boevange/Attert avec le bassin de rétention de Saeul ou la nouvelle station d'épuration d'Ehner.
- Le projet de la STEP de Schwebach (avec le raccordement de Calmus et Kapweiler) verra bientôt le jour. L'acquisition des terrains nécessaires à la construction vient d'être effectuée par le SIDERO. Sans les innombrables démarches du bourgmestre Clausse auprès du propriétaire, un site approprié n'aurait pas vu le jour de sitôt.
- Le projet du Park & Ride « Schweebecherbréck » en collaboration avec l'Administration des Ponts & Chaussées, ensemble avec la construction d'un atelier communal pour le servie de régie et un projet d'aménagement particulier sans voitures se trouve en phase de projet détaillé. Le mérite de ce projet revient également à notre cher bourgmestre qui a montré beaucoup de dextérité et de patience lors des innombrables réunions avec les Ponts & Chaussées et avec le Ministère de l'Environnement pour le volet des mesures de compensation.
- La renaturation du ruisseau Schweebech avec le concours du syndicat SICONA.
- Le réaménagement des rues de Mersch, Um Sand, Jean Mersch et Um Bour.
- La construction d'un nouveau réservoir d'eau potable au « Ditzebierg », s'est achevée l'année passée. L'inauguration aura bientôt lieu, hélas sans lui.





N'oublions pas tous les autres petits projets, aménagements et travaux par-ci et par-là et surtout son engagement au sein du « Réidener Kanton ».

Ce syndicat à vocation multiple nous apporte beaucoup comme la piscine régionale, l'école de musique, la crèche, l'office social, etc.... Avec ce syndicat, le canton de Redange et nous « Saeuleois » resterons fort et autonome. Raoul Clausse le savait depuis bien longtemps, c'est pour cela qu'il s'y est investi, c'est pour cela aussi qu'une fusion de commune ne lui était pas chère, ce syndicat nous offre bien plus.

**Nul ne saurait dire où se trouverait Saeul aujourd'hui sans son engagement.**



**Son caractère se distingue aussi par sa persévérance, sa patience, sa jovialité, son humour et restant toujours à l'écoute des gens.**





**Le conseil communal, le personnel communal et bon nombre d'habitants garderont longtemps un excellent souvenir d'un personnage perspicace, intelligent et émérite.**



## *Léiwe Pappa!*

*Och dank dir hate mir eng glécklech an erfëllte Kandheet. Mat dir, léiwe Pappa, konnte mer aussergewéinlech Momenter erliewen, ob et lo war, dass du eis mam Schlitt hannert dem Trakter duerch d'Stroosse gezunn hues, oder e Flooss mat eis op der Sauer gebaut hues, an datt mir zesumme Scheewercher mat der Fläsch groussgezunn hunn.*

*Awer net nëmmen als eise léiwen, gudden, onvergiessleche Pappa, mä och als Bopi hues du fir eis eng wichteg Roll gespillt. Och wann d'Mia dir net ëmmer e Kuss op däi Schnutz wollt ginn, mir waren ëmmer frou, fir all klenge Moment wou mer dech gesinn hunn, an du hues ëmmer eng Virbildpositioun fir eis gehat.*

*Fir wichteg Decisiounen a mengem Liewe sinn ech ëmmer erëm bei dech komm, fir gehollef ze kréien. Well ech wousst, du géifs ëmmer déi richteg Wierder fannen, déi mir Vertraue geschenkt hunn, an duerno wousst ech, datt et déi richteg Entscheedung wär, déi ech géif treffen.*

*Du waars esou e liewensfrouen a positive Mënsch, mir wäerten dech ni vergiessen, an du wäers fir ëmmer an eisen Häerzer bleiwen.*

*Mir hunn dech iwwert alles gär.*

*Text vum Anne Clausse*





## *Pappa, Brudder, Bopi, de Proff Clausse, Här Buergermeeschter… oder einfach nëmme Raoul oder Raouli.*

*Egal wat hie fir eis war an ass, mir sinn all haut hei, well mer eis op iergendeng Aart a Weis mat him verbonn fillen. An ech si mer sécher, dass, wann hien dat elo géif gesinn, wat e vläicht och mécht, da wier en iwwerwältegt mat Stolz, wéi vill Leit haut fir hien hei sinn, a senger klengster Gemeng vum Land oder der Bonsaigemeng, wei de Camille Gira, deen e gudde Kolleg a Schüler vu mengem Papp war, et ëmmer genannt huet.*

*Jiddereen huet eise Pappa aus engem anere Kontext kannt, huet och ganz ënnerschiddlech Erënnerunge mat him. Mee wann ee sech e bëssen ëmhéiert, kënnt ee schlussendlech ëmmer erëm dorop zréck, wat fir eng liewensfrou, engagéiert, charmant a passionéiert Attitüd hien ëmmer hat, soubal en sech fir iergendeppes oder iergendeen agesat huet.*

*Egal ob et drëms goung menger Mamm « Que je t'aime » vum Johnny Hallyday, oder « Ne me quitte pas » vum Jacques Brel virzesangen. Oder eis Kanner am Bett Tintin Geschichte virzeliesen, an dobäi seng, vum Theater begeeschtert Säit, erauskomm ass, well hien de Capitaine Haddock natierlech misst perfekt duerstellen. Oder ob et aner wonnerschéin Erënnerunge sinn, déi dir mat him deelt, alles huet e mat ganzem Häerzen a vill Passioun gemaach. Dat ass sou wei mir hien ALL kennen, an och esou behale mir hien an Erënnerung an an eisem Häerz. Eist Häerz, wou elo fir ëmmer e Lach dran ass.*

*Mee fir dat eidelt dann bëssen ze pléischteren, well ech u säi Laachen denken, wat ech och héieren, wann ech mer Fotoe vun him ukucken. Säi Laachen, dat een am Supermarché och nach 6 Rayonen niewendrun haart héiert an erëmerkennt, wou een da selwer schonn direkt muss mat schmunzelen. Oder an der Keess, wann en dann heiansdo e klenge Witz huet misse rappen, an d'Caissièren deen net ëmmer wierklech verstan hunn, an hien trotzdeem gegrinst huet wéi e Liefkuch.*

*Sou musse mir eise Pappa an Erënnerung behalen, mat de Momenter wou e glécklech war, Freed verbreet huet, a mat sengem eenzegaartegen Humor.*
*Ech hoffen, ech konnt mat menge Wierder e puer schéin Erënnerungen opruffen, un déi der iech festhale kënnt, wann der muer, den nächste Mount oder iergendwann un hien denkt, an einfach glécklech sidd, e Mënsch wei hie kannt ze hunn.*
*Ech well dëst mat engem klenge Gedicht ofschléissen, wat ech geschriwwen hunn, wéi ech eng Kéier un hien hu missen denken, an einfach eppes schreiwe wollt :*

*Une amie nous a dit :*
*Choisis ton étoile,*
*Si jamais ton père s'envole.*
*Maintenant t'es parti,*
*Mais on t'a promis,*
*Qu'on t'aimera infiniment*
*Tout en étant vaillant.*
*Et on restera fort,*
*Papa, on t'adore.*
*Text vum Jo Clausse*






# RAOUL CLAUSSE

**1949-2018**



***D'Kanner aus der Sëller Maison relais an hir Educatricë soen dem Gaart an Heem villmools Merci, fir déi flott Ouschtereeërsich, déi si fir eis organiséiert hunn.***

***Mir freeën eis op weider flott Momenter zesummen am Gaart!***



*Charel: „Ech hat en Ouschterhues fonnt, mee ech sinn net drukomm!"*



*Sara: „Mir hunn do Ouschtereeër gesicht. Déi grouss ware gekacht an déi kleng ware Schockelaseeër."*

*Lena: „Ech an d'Sarah hu ganz schéin Eeër fonnt."*



*Ella: „Jidderee krut e puer Eeër mat heem. Déi ware lecker. Ech hunn se schonn all giess."*



*Leon: „Ech hu mat de Picke Bulli gerullt. Dat ass flott. Dono hunn ech mam Charel a mam Lina Fänkches gespillt."*




*Orlane: „Mir hunn Onkraut aus dem Hochbeet gerappt, fir de Buedem propper ze maachen, an duerno nei Planzen dranzemaachen. Dat war mega cool, ech hat vill Spaass."*

*Baya: „D'Brigitte huet eis erkläert, wat fir e Kär wéi eng Planz gëtt. Mir konnten d'Kären och upaken."*



*Nouveau site internet de l'Ecole fondamentale et de la Maison relais de Saeul.*




*www.ecoles-saeul.lu*




**Advents Bazar**
Den 2. Dezember 2018 hunn d'Fraen a Mammen aus der Gemeng op hire Bazar agelueden. Et goufen Adventskränz a Chrëschtdekoratioune verkaaft. Eng gutt gefëllte Kaffisstuff huet derfir gesuergt, dass kee sollt Honger leiden, an d'Säller Musek huet dat ganzt musikalesch ënnermoolt.

Den Erléis war fir e gudden Zweck : Zwéi Schecken, vu jeeweils 2500€, sinn u BLËTZ asbl an un ALAN asbl nodréiglech iwwerreecht ginn.



presentéiert vum Valérie BÉGUÉ










**Besuch vum Kleeschen** am Festsall zu Säll
Dënschdes, de 4. Dezember, ass de Kleeschen an de Festsall op Säll komm, an huet de Kanner aus der Gemeng, déi sech geschéckt haten, Schneekegkeete matbruecht.

**Advents-Uucht**
Um Programm vun der Uucht stoungen de 15. Dezember flott Stécker a Chrëschtlidder vu Museksschüler aus der Säller Gemeng. Fir deen Owend haten sech fir d'éischt 4 Saxophonisten, an duerno 9 Klarinettisten zesummegedoen, fir hire Regëster ze presentéieren. No enger kuerzer Paus koum den Optrëtt vum Jugendensembel vun der Säller Musek. De musikaleschen Ofschloss vum Owend huet de Blechensembel vun der Musek gemaach. D'Säller Musek hat fir deen Owend verschidde Lëtzebuerger Spezialitéite virbereet, fir dass keen hongereg sollt heemgoen.














**Hex a Buergbrennen**

De 5. Mäerz huet d'Säller Jugend op hiert traditionellt Hexbrennen agelueden. Mam Verbrenne vun der Hex ass d'Fuesent fir dëst Joer begruewe ginn. Vis-à-vis vun der décker Eech, am Ausgang vu Säll, ass d'Hex opgeriicht ginn. No engem gudde Maufel (Gegrills, Ënnenzopp an Chili con carne) ass d'Hex ugefaange ginn.







Um 10. Mäerz ass, als Symbol fir d'Enn vum Wanter, d'Buerg verbrannt ginn. Nodeems samschdes duerch d'ganz Gemeng Material agesammelt gouf, ass sonndes d'Buerg opgeriicht ginn, an owes, vun den nei bestuete Koppelen aus der Gemeng, ugefaange ginn.





## Galaconcert

D'Säller Musek huet de 16. Mäerz op hire Galaconcert agelueden. Ënnert der Direktioun vum Romain Mantrisi gouf en ofwiesslungsräiche Concert gebueden. Bei däser Geleeënheet goufen traditionell d'Medaile vun der UGDA iwwerreecht.













## Planzaktioun ANF & Gaart an Heem

19. Mäerz

Am Kader vum Ëmweltdiplom hunn d'Schoulkanner vu Biekerech a Säll, mam Fierschter an dem Säller Gaart an Heem, ganz äifreg am Zärepesch geplanzt. Insgesamt goufen 23 Beem an Hecke geplanzt. D'Beem sollen awer net nëmme schéin ausgesinn a gutt fir eis Natur sinn, mee d'Iddi ass, dass dat Uebst, wat an den nächste Joren dru wiisst, vu jidderengem ka gepléckt a giess ginn.











### Scheckiwwerreechung Femmes en Détresse

De Club Soroptimist Mosaïk huet den 20. Mäerz e Scheck vu 7000€ un d'Meederchershaus iwwerreecht. Dës Sue si beim Adventure-Laf zesummekomm, deen am Summer 2018 am Séller Bësch stattfonnt huet.




### Mëttegiesse Fraen a Mammen

De 24. Mäerz hunn d'Fraen a Mammen aus der Gemeng häerzlech op hiert Mëttegiessen agelueden. Et goufe gutt hausgemaachte Menüen : Waarm Ham, kalen Teller oder vegetaresch Quiche, an zum Ofschloss gouf, bei engem gudden Dessert an enger Taass Kaffi, de Mëtteg ausklénge gelooss.







### Grouss Botz

De 27. Abréll war di ganz Gemeng opgeruff, fir ze hëllefen d'Gemeng ze botzen. Um 9 Auer war Treffpunkt op der Duerfplaz zu Säll. Et sinn 254 kg Dreck gesammelt ginn. No dem Botzen huet d'Gemeng op e Mëttegiessen agelueden.





# Utiliser le soleil… c'est GRATUIT!

**Le soleil est une source d'énergie illimitée, écologique et gratuite. C'est à nous de l'utiliser!**

Toutes les 30 minutes, le soleil nous envoie autant d'énergie sur notre planète que nous consommons durant une année complète.

Le potentiel du soleil est énorme. Ce n'est donc pas sa faute si on ne l'utilise pas plus.

Que ce soit le photovoltaïque ou de l'eau chaude solaire, nous vous expliquons le fonctionnement de ces installations et vous informons sur les primes étatiques et communales à attendre.

Produire de l'eau chaude ou devenir producteur d'électricité. Informez-vous d'abord **GRATUITEMENT** à l'**Energieatelier** à **Redange - Infoline 26 62 08 01**.




INFOLINE
26 62 08 01
info@energieatelier.lu

energie atelier
INFO STUFF
infopoint myenergy
Find us on

ENERGIEATELIER
VOTRE POINT INFO POUR TOUTES VOS QUESTIONS SUR L'ÉNERGIE.
43, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert
www.energieatelier.lu

# Solarenergie notzen… si ass GRATIS !!

**D'Sonn steet eis als Energiequell onbegrenzt, ëmweltfrëndlech a gratis zur Verfügung. Mir mussen se just notzen.**

Ongeféier all 30 min schéckt d'Sonn esouvill Energie op eise Planéit, wéi mir am Laf vun engem ganze Joer verbrauchen.

D'Potential ass gigantesch! Et läit also net un der Sonn wa mir net genuch op si zréckgräifen…

Produzéiert Äert waarmt Waasser selwer oder gitt Stroumproduzent. Mir erklären lech alles wat Dir dozou wësse musst…an och wat de Staat vu Subside gëtt…

Ob fir waarmt Waasser oder fir Stroum ze produzéieren, informéiert lech fir d'éischt **GRATIS zu Réiden** am **Energieatelier - Infoline 26 62 08 01**.




INFOLINE
26 62 08 01
info@energieatelier.lu

energie atelier
INFO STUFF
infopoint myenergy
Find us on

ENERGIEATELIER
ÄR BERODUNGSPLAZ FIR ALL ÄR ENERGIEFROEN
43, Grand-Rue - L-8510 Redange/Attert
www.energieatelier.lu

KlimaPakt
European Energy Award

Klimateam Sëll

# Sëller Klimateam – News

**1. Hëtzes aus erneierbaren Energie fir eis Gemenge-Gebeier**

Eis Gemeng plangt hier Wiermt fir hier Gemenge-Gebeier méi klimafrëndlech ze produzéieren an ewech vum Masutt ze kommen.
Am Klimateam stoung d'Iddi vun enger Cogénératiounsanlag am Raum, dat heescht eng Anlag, déi souwuel Hëtzes, wéi och Stroum (an eisem Fall mat Holz) produzéiert.
An der leschter Klimateam-Versammlung huet den Här Ralf Köhler vum Büro eco:novis eis folgend Ustéiss mat op de Wee ginn:

- Eng Cogénératiounsanlag ass net optimal fir eis Situatioun, well dës Anlag permanent (och am Summer) vill Wiermt produzéieren. Mir bréichte ganzjäreg Wiermt-Abnehmer (Bsp. Schwëmm, Gäertnerei,…), fir sou eng Anlag ze rentabiliséieren. Zousätzlech brauche Cogénératiounsanlag vill méi Ënnerhalt wéi Anlagen, déi just Hëtzes produzéieren. Dowéinst ass d'Optioun vun enger Cogénératioun fale gelooss ginn.


- Zur Auswahl steet weiderhin eng reng Hëtzesproduktiouns-Anlag, déi entweder mat Holzhackschnëtzel oder Pellets, funktionnéiert. Hei huet den Här Köhler gemengt, dass eng Pellets-Anlag méi Virdeeler fir eis Gemeng huet:

- Och wa béid Varianten de gläiche Wiermtpräis (€ / kWh) hunn, brauch d'Variant mat de Pellets vill manner Plaz well Pellets méi einfach ze stockéiere sinn. Si hunn ee méi klenge Volume bei gläicher Energiedicht. Manner Camione si néideg fir d'Liwwerung.

- Pellets-Anlage sinn technesch méi einfach ze geréieren an dowéinst ginn se éischter vun de Gemengen ugeholl. D'Pellets ginn zu Lëtzebuerg produzéiert (Kiowatt) an hunn deemno ee kuerzen Transport-Wee.

Elo muss nach analyséiert ginn, ob mir op de Wee gi vun enger zentraler Heizung, déi un ee Wärmenetz ugeschloss ass an iwwer dëst all eis kommunal Gebeier mat Hëtzes versuergt (Schéma) oder ob mir, wéi bis elo, dezentral Heizungen a jidder kommunalem Gebei bedreiwen. A béide Fäll wier de Brennstoff Pellets. D'Optioun vun zousätzlechen thermesche Solaranlage gëtt och nach ënnert Lupp geholl. Dës géingen et erméiglechen fir an de Summerméint d'Holzheizung(en) auszeschalten a just unhand vun der thermescher Solaranlag, déi kleng Nofro u waarmem Waasser ze decken.

D ë s




verschidde Variante ginn an de nächste Méint verdéift an am Klimateam diskutéiert, iert dem Gemengerot di final Resultater virgestallt ginn.

**2. Mobilitéit an eiser Gemeng**

- De proposéierten Zebrasträifen direkt virum Bäcker fir eriwwer op d'Kiercheplaz ass bei de staatlechen Instanzen ugefrot ginn.

- Nodeems d'20/30er Zonen an all de Gemengestroosse vun der Uertschaft Sëll agefouert goufen, ginn elo di aner Uertschaften aus der Gemeng op de Leescht geholl.

- Op der Route d'Arlon (Nationalstrooss) ass am Beräich vun der Schoul eng 30er Zone op 100m geneemegt ginn. Eng weider 30er Zone op der N12 (Haaptstrooss) ass weiderhin op der Wënsch-Lëscht vun eiser Gemeng.

- Soubal di 70er Zone am Agang vu Sëll (bei der décker Eech) vun der Ponts & Chaussées agefouert gouf, kënnt den Zebrasträifen op der Héicht vum Grénge Wee zréck.

- Nodeems d'Gemeng e puer Ufroe wéinst dem Bummelbus krut, well d'Gemeng eng Ëmfro bei hire Bierger maache fir den Interessi heifir kënnen ze evaluéieren. Eis Gemeng hat nämlech virun 2 Joer decidéiert fir d'Zesummenaarbecht mam Bummelbus aus diverse Grënn net weiderzeféieren.

**3. Notze vun der Solar- Energie**

- Am Abrëll ass de Montant, deen ee fir de Verkaf vum Stroum aus Photovoltaik-Anlagen zu Lëtzebuerg kritt, eropgesat ginn. Esou ass et erëm finanziell ganz interessant fir seng eege Photovoltaik-Anlag ze hunn a säin eegene Stroum ze produzéieren. Hei sinn di nei Tariffer:

| | Kleng Anlagen (≤ 10 kWp) | Mëttelgrouss Anlagen (10-30 kWp) | Grouss Anlagen (30-100 kWp) | Ganz grouss Anlagen |
|---|---|---|---|---|
| Tarif | 0,165 € / kWh | 0,155 € / kWh | 0,145 €/kWh | 100-200 kWp: 0,140 € / kWh<br><br>200 – 500 kWp: 0,125 € / kWh |
| Fir: | Privatpersounen, Gemengen | Privatpersounen, Gemengen | Société civile & Coopérativen | Société civile & Coopérativen |

Fir 1 kWp z'installéieren, ass eng Fläch vu ronn 6 m2 néideg. Mat enger Leeschtung vun 1kWp produzéiert ee ronn 900 kWh pro Joer. Een duerchschnëttlechen Haushalt an der Gemeng Sëll verbraucht 5.000 kWh pro Joer. Dat heescht fir de Stroumbedarf vun engem Haushalt iwwert d'Joer ze decken, bréichte mer 33 m2 Fläch um Daach.

- D'Gemeng plangt fir op den Daach vun der neier Maison Relais (Al Schoul) an dem neien Atelier zu Schweebech Photovoltaik-Anlagen ze leeën, déi iwwer Biergerkooperative solle finanzéiert ginn.

**4. Verschidde Punkten**

- Am Gemeinschaftsgaart hunn d'Schoulkanner zesumme mam Fierschter am Kader vum Ëmweltdiplom vill nei Hecken ugeplanzt. Am Gemeinschaftsgaart sinn 3 Beeter u Bierger aus der Gemeng verlount ginn. Virun Ouschteren ass eng Eeër-Sich fir d'Maison Relais am Gaart organiséiert ginn.

- De 27. September gëtt de neien Drénkwaasserbehälter am Ditzebierger Bësch ageweit. Bei dëser Occasioun soll och eis Béik – Quell vu Kaalmes, déi eis ganz Gemeng mat beschtem Drénkwaasser versuergt, fir de Publik opgemaacht ginn.









# Nature for People

2. Juni 19 | 2 juin 19

**Enteckungstour am Dall vun der Mëchelbaach zu Feelen a Mäerzeg**
14:30 Auer, Kräizung CR314/N21 beim Feldwee zu Uewerfeelen.

**A la découverte de la vallée de la Mëchelbaach à Mertzig et Feulen**
14h30, au carrefour CR314/N21 près du chemin rural à Oberfeulen.

21. Juni 19 | 21 juin 19

**Déieren an der Nuecht zu Déifferdeng a Suessem**
22:00 Auer, Parking vum Fussballterrain „Jaminet“, Um Biergwee zu Uewerkuer.

**Animaux de la nuit à Differdange et Sanem**
22h00, Parking du terrain de football « Jaminet », Um Biergwee à Obercorn.

28. Juni 19 | 28 juin 19

**Déieren an der Nuecht zu Kielen a Mamer**
22:00 Auer, Parking Juckelsbësch tëschent Kielen a Mamer (Depart Auto-pédestre).

**Animaux de la nuit à Kehlen et Mamer**
22h00, Parking Juckelsbësch entre Kehlen et Mamer (Départ auto-pédestre).

30. Juni 19 | 30 juin 19

**Landwirtschaft a Landschaft: Besuch op engem Natur genéissen-Bauerenhaff zu Dippech a Garnech**
14:30 Auer, Jemming-Schmit Jean-Marie 8, Haaptstrooss zu Koler.

**Agriculture et paysage: Visite d'une ferme « Natur genéissen » à Dippach et Garnich**
14h30, Jemming-Schmit Jean-Marie 8, rue Principale à Kahler.

D'Aktivitéite si gratis, mat Ausnam vun de Workshoppen. Eng Umeldung ass fir verschidden Aktivitéiten erfuerderlech op der Nummer **26 30 36 25** oder per E-mail **administration@sicona.lu**. Hei kritt Dir och weider Informatiounen.

Les activités sont gratuites, sauf indication contraire. Une inscription est nécessaire pour certaines activités au numéro tél. **26 30 36 25** ou par e-mail **administration@sicona.lu**. Sous ce numéro vous obtiendrez aussi des informations supplémentaires.

**SICONA**
Naturschutzsyndikat
12, rue de Capellen
L-8393 Olm
Tel: 26 30 36 25
administration@sicona.lu
www.sicona.lu
Find us on Facebook

SICONA
Naturschutzsyndikat

Nature for People – People for Nature ass eng Campagne vum SICONA a senge Membersgemengen. Nature for People bedeit, dass d' Natur fir d' Mënschen zougänglech an notzbar muss sinn an sou zur Liewensqualitéit bäidréit. People for Nature bedeit dass d' Natur als Géigeleeschtung duerch de Mënsch geschützt an entwéckelt muss ginn.

Nature for People – People for Nature est une campagne de SICONA et ses communes membres. Nature for People signifie que la nature doit être accessible à tous et faire partie de leur qualité de vie. People for Nature signifie en contrepartie que la nature doit être protégée et développée par l'homme.

People for Nature





# Nature for People

## Aktivitéitsprogramm
## Programme d'activités
## 2019

8. August 19 | 8 août 19

**D'Käercher Steekaulen: Liewensraum aus zweeter Hand**
18:00 Auer, rue du Moulin (tëschent den Hausnr. 30 an 32)

**Les carrières de Koerich: habitats naturels de seconde main**
18h00, rue du Moulin (entre les maisons numéros 30 et 32)

22. September 19 | 22 septembre 19

**Mam Schéifer ënnerwee zu Bartreng a Stroossen**
14:30 Auer, Um Tossebierg zu Bartreng.
Umeldung erfuerderlech.

**A la découverte du pâturage itinérant à Bertrange et Strassen**
14h30, « Tossebierg » à Bertrange.
Veuillez-vous inscrire.

26. September 19 | 26 septembre 19

**Eis Beem - Ënnerwee um Bamléierpad zu Leideleng a Reckeng op der Mess**
18:00 Auer, Parking vis-à-vis vum Kierfecht - rue Jean-Pierre Hilger zu Reckeng op der Mess.

**A la découverte de nos arbres à Leudelange et Reckange-sur-Mess**
18h00, Parking vis-à-vis du cimetière - rue Jean-Pierre Hilger à Reckange-sur-Mess.


6. Oktober 19 | 6 octobre 19

**Kraiderwanderung zu Useldeng a Viichten**
14:00 Auer, Parking virun der Kierch - 2, Am Eck zu Iewerleng.

**Excursion aux herbes sauvages au Préizerdaul**
14h00, Parking devant l'église - 2, Am Eck à Everlange.

People for Nature

## OPRUFF UN D'KANNER



presentéiert vum Michéle SCHEITLER,


Dëse Summer geet et drëm, **EPPES FLOTTES AN DER NATUR AN AUS DER NATUR** ze maachen. Wat heescht dat ? Ma fir d'éischt emol wëll ech dir erklären ëm wat et geet. Et geet ëm **LANDART**. Wat dat ass ?
LANDART ass eng **KONSCHT**, an där een aus Naturmaterialien dobaussen eppes maache soll. D'Wuert LANDART kënnt aus dem Engleschen an wëllt am Fong « Landschafts-Konscht » heeschen. Aus natierleche Materialien, wéi **SAND, BLIEDER, STENG, WUERZELEN, BEEM BLÉIEN, GRIESER, HOLZ, SCHNÉI ASW.** entstinn da Biller a Konstruktiounen, awer mat e bësse Fantasie och Déieren, Schietspiller, Mandalas... Am Fong kann een **ALLES** ausprobéieren.




Also, wanns du dëse Summer wëlls bei dëser **AKTIOUN MAT-MAACHEN**, da bau eis **EPPES FLOTTES** wat zum Thema LANDART passt, egal ob **OP DER PLAGE, AM BËSCH, AM GAART, OP DEM TROTTOIR**... Denger Fantasie si keng Grenze gesat, an dono kanns du eis eng flott Foto dovunner schécken.

D'Biller ginn dann op eiser FB SAEUL (an op eiser Säit Saeul.lu) publizéiert. Kuck der emol e puer Fotoen op eisem Collage un, am Internet gëtt et och nach immens vill flott Iddien. Wann s de eng Foto gemaach hues, da schéck se un dës Mail Adress : michele.scheitler@education.lu an/oder joel.kieffer@saeul.lu

Vill Spaass beim Ausdenken, Sammelen, Bauen a Leeën.



*D'Foto vum Päerd als Titelbild vun engem Buet, dat war ee Wonsch vum Raoul ! Et voilà ! D'Equipe vum Buet seet der Merci*


Jean Konsbrück


Valérie BÉGUÉ


Michèle SCHEITLER


Caroline SCHMIT

# Impressum


Joël KIEFFER


Jemp SCHUSTER


Greg FOETZ


Drazen MEDAKOVIC

*Un dësem Gemengebuet hu matgeschafft :*

- Jean KONSBRUCK, Valérie BÉGUÉ, Michèle SCHEITLER, Jemp SCHUSTER, Joël KIEFFER
- D'Fotoe si vum Michèle SCHEITLER, Charles REISER, Marie-Paule WAGENER
- D'Mise en page ass vum Greg FOETZ, Drazen MEDAKOVIC
- Den Drock gouf am Atelier Repro vun der Associatioun « AUTISME Luxembourg a.s.b.l. » vu Beckerich gemaach.
- Déi franséisch Texter si vum Jemp SCHUSTER iwwersat ginn (ausser den Text Säit 44).
- De Jemp huet och d'Feeler an de lëtzebuergeschen Texter verbessert.

# Numéros utiles

**Aministration Communale de Saeul**

B.P. 11 L-7506 SAEUL
8, rue Principale L-7470 SAEUL
Tél: 23 63 22-1 / Fax : 23 63 94 29 www.saeul.lu

Jean Konsbrück, bourgmestre, Tél.: 621 75 27 71
E-Mail : bourgmestre@saeul.lu
Edmond Gengler, échevin, Tél.: 621 19 77 62
Jean-Paul Mousel, échevin, Tél.: 621 32 60 52
E-Mail : schefferot@saeul.lu

**Secrétariat**

Joé Wolff, Tél. : 23 63 22-20
Joël Kieffer, Tél. : 23 63 22-21
E-mail : secretariat@saeul.lu
du mardi au jeudi de 8:30 à 11:30

**Population : Martine Ensch**

Tél. : 23 63 22-22
E-mail : population@saeul.lu
du mardi au vendredi matin de 8:30 à 11:30
et le jeudi après-midi de 14:00 à 18:30

**Recette : Stéphanie Labranche**

Tél. : 23 63 22-23
E-Mail : recette@saeul.lu
du mardi au jeudi de 8:30 à 11:30

**Service régie : Laurent Gengler**

Tél. : 691 13 57 90
Du lundi au vendredi de 7:00 à 11:45
et de 13:00 à 16:00

**Service technique bureau : Erica Bucari**

Tél. : 23 63 22 -26
Sur RDV
E-Mail : technique@saeul.lu
du lundi au jeudi uniquement sur rdv

**Garde forestier : Thierry Hollerich**

Tél. : 621 20 21 84
E-Mail : thierry.hollerich@anf.etat.lu

**École Saeul**

| | |
|---|---|
| Préscolaire & Précoce: | Tél. : 266179-13 |
| RDC C2 : | Tél. : 266179-23 |
| 1e étage C3 : | Tél. : 266179-24 |
| 2e étage C4 : | Tél. : 266179-25 |

Fax : 26 61 79 29
www.ecoles-saeul.lu

Maison Relais Saeul

Tél. : 26 61 79-10
GSM : 691 866 930
Fax : 26 61 79 11

**Presbytère de Brouch**

Joël Santer
Tél. : 26 61 04 03

**Ambulance / Pompiers**

Tél. : 112

**Police:**

Tél. : 113
Police de proximité Redange Tél. : 24492 200
Police d'intervention Redange Tél. : 24492 500

**Centre Médical**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Tél. : 23 62 42-1
Fax : 23 62 42-32

**Laboratoires d'Analyses médicales : Ketter Thill**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Prélèvements du lundi au vendredi de 6:30 à 11:00
Tél. : 48 82 88-700
Fax : 48 82 88 -740
Prise de sang à domicile: Tél. : 48 82 88

**Hëllef Doheem**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Tél. : 26 62 94-1
Fax : 26 62 94-209
E-Mail : redange@shd.lu

**Help**

10, rue Principale L-8544 Nagem
Tél. : 26 62 07 08
Fax : 26 62 07 18
E-mail : nagem.croix-rouge@hlp.lu

**Home pour Personnes Agées St.François**

2, rue de l'Hôpital L-8509 Redange/Attert
Tél. : 23 64 3-1
Fax : 23 64 3-701

**Atert Lycée Redange**

1, rue du Lycée L-8508 Redange/Attert
Tél. : 26 62 32-100
Fax : 26 62 32-299
E-mail : secretariat@alr.lu
www.alr.lu